



Invitatioun fir de Pic-Nic 2008


Leiw jonk an aal Oochener,

wéi an de vergangene Joeren invitéiere mer Ierch mat ärer Famill och dest Joer op Nationalfeierdag, Méindes den **23. Juni**, op eisen traditionelle Pic-Nic.

Trotz zimlech duerchwuessenem Wieder war eis nei Grillplaz op der Thillsmillen d'läscht Joer zumools beim jonke Public gudd ukomm, an dofir as och 2008 d'Adress vum Dag « **op der Dreps** », am Bësch hannert der Thillsmillen tescht Mamer a Koplecht.

Vun **11:30** un sin d'Grillmeeschteren op der Plaz an offréieren den **Apero**.

Wéi ëmmer kënnen Grouss a Kleng sech de ganze Metteg iwwer austoben, sief et bei enger Partie Petanque, oder beim Puddelen an der Baach. Paakt dofir de Kanner eventuell e Puer Stiwvelen an eng extra Garnitur drechent Gezei an ...



Umelle sollt der Ierch bis den 18. Juni beim Louis, eisem President (loup@pt.lu, 388444), bei mär (michel_asorne@bce.lu) oder iwwert de Formulaire op eisem Internet-Site :

<http://www.aachen.lu/aktiviteiten/2008/>

Bis geschwënn

Michel Asorne – Secrétaire

Louis Philipe – Président

Ech, kommen den 23. Juni an d'Dreps op de Picnic.

Mer sin zu Erwuessener a Kanner.